



ALTERNATIV DEMOKRATESCH  
REFORMPARTEI

**Groupe parlementaire**

N° 4211  
Reçue le 04.05.2021  
Déclarée recevable  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Fernand Etgen  
Luxembourg, le 04.05.2021

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 4. Mee 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister weiderzeleeden.

Den 28.4.2021 war op rtl.lu ze liesen: "An de leschte 5 Deeg zum Beispill hätten et der Stater Buergermeeschtesch no 10 Fäll ginn, wou eng Persoun op eng brutal Manéier entweder eng Auer geklaut oder eng Kette vum Hals gerappt krut."

Duerfir hunn ech folgend Nofro un den Här Policeminister:

1. Kann de Minister dës Ausso bestätegen?
2. Wéi vill Iwwerfäll a versichten Iwwerfäll sinn et am Abrëll um Territoire vun der Gemeng Lëtzebuerg an wéi vill um Niveau vum ganzen Land ginn?
3. Wéi vill Persounen si bei dëser Zort Iwwerfäll blesséiert ginn?
4. Wéi vill vun dësen Doten sinn no baussen publizéiert ginn, an wéi vill sinn der "geheim" gehalen ginn?

Weider steet op rtl.lu: "Déi lescht Deeg a Weekender wieren och wiederbedéngt méi Leit ënnerwee gewiescht, mä och d'Police wier present gewiescht an hätt eng Partie vun den Täter kënnen stellen." D'Madamm Buergermeeschter sot weider datt déi Täter hei am öffentleche Raum näischt ze sichen hätten, déi géifen an de Centre de Réention gehéieren.

5. Wéi vill Täter vun dësen Iwwerfäll oder versichten Iwwerfäll, déi am Mount Abrëll registréiert goufen, konnt d'Police stellen?

6. Kann den Här Minister méi genee Präzisiounen zu den Täter ginn: iwwer hir Nationalitéit, wou si wunnen, ënner wéi engem Statut si zu Lëtzebuerg an an der EU sinn, oder ob si sech illegal am Land ophalen?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup  
Deputéierten